

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Abrëll 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister, den Här Wirtschaftsminister, den Här Minister fir de Mëttelstand an d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden. Vu datt et sech em Noutmoosnamen handelt, fir séier ze hëllefen, géing ech lech bieden, **den dréngleche Charakter vun der Fro (Art. 84)** unzëerkennen.

Am Kader vun de séier op d'Been gestallten Hëllefsmoosname fir Betriber a Fräiberuffler, si vill Reaktiounen vun de betraffene Kreesser komm, déi besonnesch op Punkten aginn, wou Nobesserunge néideg sinn. Dat betrëfft och mee net nëmmen déi CDDe vum Gesondheetsministère, déi et fräischaffende Medezinner a Paramedezinner, déi am Ament net kënnen schaffen, erlaben, sech fir en CDD anzeschreiwen. Hei hat ech scho gëschter gefrot, ob déi Moosnam och fir Psychologen an Neuropsychologe kéint opgemaach ginn (parlamentaresch Fro Nr. 2039). An deem Kontext hunn ech dës weider Froen un d'Regierung:

1. Et héiert ee vun Dokteren a Leit a paramedezinesche Beruffer, datt si keng Äntwert oder Confirmatioun kréien, wa si sech iwwert d' Internet-Prozedur fir esou en CDD mat hirer digitaler Ënnerschrëft androen. Ass dat normal oder gëtt et do eventuell en informatésche Problem?
2. Och wann d'Aschreiwung richteg fonctionéiert, schéingt et um Ministère Schwieregkeete beim Verdeele vun de Aufgaben un dës Medezinner a Paramedezinner ze ginn. Si kréien heiansdo eng Zäit keng Informatiounen oder si ginn op eng Plaz affektéiert, nëmme fir dann nees kuerzfristeg ofgesot ze kréien. Sinn dat just Ulafschwieregkeeten oder ass den Zerwiss, dee sech heirëm këmmert, mat den Demanden iwwerlaascht? Schafft de Ministère hei u méi enger effikasser Organisatioun?
3. Fir vill fräiberufflech Medezinner a Paramedezinner ass esou en CDD eng wichteg finanziell Hëllef, déi hinnen erlaabt, hir Onkäschten ze decken, obwuel si duerch d'Situatioun keng Revenue méi hunn. Duerfir mussen dës Doktere a medezinescht Personal sech jo disponibel hale fir déi Aufgaben, déi si vum Ministère zougewise kréien. Hei gëtt et bei Betraffenen eng Onsécherheet: Gëtt deen Aarbechtsvertrag bezuelt, esoubal dësen ënnerschriwwen ass oder gëtt nëmme bezuelt, wa si eng Missioun kritt hunn? Ginn eventuell nëmmen d'Stonne bezuelt, déi si effektiv op enger Plaz fir de Staat schaffen?

4. Sinn déi Dokteren a Paramedezinner, déi am CDD fir de Staat schaffen, op der Krankekeess ageschriwwen?

Och mat deenen aneren Hëllef gëtt et eng Rëtsch Reaktiounen vu Betraffenen. Wat déi 2.500 Euro fir Fräiberuffler ugeet, schéngt et esou ze sinn, datt dës nëmmen ausbezuelte ginn, wa d'Demandeure manner wéi 50 Prozent fir e Patron (à titre principal) schaffen.

5. Ass den Här Minister sech bewosst, datt dat net der Realitéit vu villen Existenzgrënnungen entsprécht an datt vill Leit e Mi-temps bei hirem Patron huelen a parallel probéieren, sech berufflech op hir eege Féiss ze stellen? Ass e Mi-temps bei engem Patron no der Ausleeung vum Ministère schonn e Grond, datt d'fräiberufflech Aktivitéit net méi „à titre principal“ unerkannt gëtt?
6. Denkt den Här Minister eventuell drun, och Demande vu Fräiberuffler, déi parallel eng Ustellung „à titre principal“ hunn, ze consideréieren an héchstens de Montant vun der Hëllef entspriechend ze moduléieren?
7. Firwat sollen dës Leit, déi zwar en Deelrevenu hunn, esou wäit deen net och duerch Kuerzaarbecht oder Chômage technique reduzéiert ginn ass, vun der Moosnam ausgeschloss sinn? Sinn net grad esou Initiative besonnesch vulnerabel, well si all d'Onkäschtchen vun engem Betrib ze droen hunn, awer nëmmen Deelzäit kënnen dra schaffen?
8. Gëtt et bei der Regierung en zentralen Usprichspartner fir esou Kritiken un de Antikrisemoosnamen a schafft d'Regierung drun fir d'Texter de wirtschaftlech Realitéite vun deene Betraffenen unzepassen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten